



N° 4709  
Reçue le 22.07.2021  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 22.07.2021

**Här Fernand Etgen**  
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Den 12. Juli huet den Educatiounsminister bekannt ginn, dass den Taux de réussite vun den Ofschlossexamen am Enseignement secondaire weider erof geet. Dëst Schouljoer läit de globalen Taux bei 76 Prozent, lescht Schouljoer louch e bei 83 Prozent.

Virum Hannergrond vun dëser negativer Tendenz wéilt ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen :

- Kann den Här Minister eis en Tableau mam jeeweilegen Taux de réussite vun de leschten zéng Joer zoukomme loossen, opgedeelt no Joren an no Enseignement secondaire classique, Enseignement secondaire général (fréier : technique) a Berufsausbildung ?
- Wéi erkläert den Här Minister sech déi negativ Tendenz vum Taux de réussite vun den Ofschlossexamen am Enseignement secondaire a wéi eng Moossname plangt hien ze huelen, fir den Trend ëmzedréinen ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4709 vum der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

Den Tableau weist – opgedeelt no Enseignement secondaire classique, Enseignement secondaire général a Formation professionnelle – d'Entwécklung vum Taux de réussite bei den Ofschlossepreuen iwwert déi lescht Joren. Bei der Berufsausbildung ass sech op den Zäitraum ab der Aféierung vum Projet intégré final beschränkt ginn.

	2012	2013	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021
Enseign. second. classique	80 %	78 %	78 %	80 %	82 %	86 %	85 %	84 %	89 %	85 %
Enseign. second. général	75 %	72 %	74 %	70 %	77 %	75 %	72 %	73 %	77 %	69 %
Form. prof. - CCP							79 %	79 %	84 %	88 %
Form. prof. - DAP				77 %	77 %	75 %	77 %	79 %	79 %	87 %
Form. prof. - DT				83 %	69 %	73 %	74 %	75 %	73 %	88 %

Beim Taux de réussite vum den Ofschlossklassen iwwert dee gesamten Zäitraum ass keng eendeiteg Tendenz ze erkennen; an allen Ordres d'enseignement variéieren d'Resultater bannent enger bestëmmter Fourchette.

Bei der Summersession 2021 vum Examen am Enseignement secondaire général gouf et wuel ee klengen Réckgang beim Taux de réussite; dësen ass warscheinlech op déi besonnesch Ëmstänn zeréckzeféieren, déi eis Schüler opgrond vum der sanitärer Kris e weidert Joer hu missen op sech huelen wat duerch Quarantainen, sougenannte "Mises à l'écart", Limitatiounen vum de soziale Kontakter a Restriktiounen bei de Fräizäitaktivitéiten markéiert war. Op kee Fall ass awer, wéi déi honorabel Deputéiert schreift, eng "negativ Tendenz vum Taux de réussite" iwwert de gesamten Zäitraum festzestellen.